



Luxembourg, le 28 JAN. 2021

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Dossier suivi par :
Barbara Ujlaki
247- 84659
qp@msi.etat.lu

REÇU
Par Aiff Christian , 17:03, 28/01/2021

Objet : Question parlementaire n° 3421 du 12 janvier 2021 de Monsieur le Député Fred KEUP

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,


Henri KOX

Äntwert vum Här Henri KOX, Minister fir bannenzeg Sécherheet, op parlamentaresch Fro n° 3421 vum 12. Januar 2021 vum honorabelen Deputéierten Fred Keup iwwert « de Gebrauch vum Franséichen beim Ausschreiw vum de Protokoller“

Ausser bei de Gesetzer sinn eis dräi Amtssproochen eigentlech gläichberechtegt. Firwat gëtt hei da franséisch besser behandelt an déi aner Amtssproochen diskriminéiert?

En Verweis gëtt gemaach op d'Äntwert vun der Fro 1 aus der parlamentarescher Fro n° 3226 vum 30. November 2020, wou et heescht:

D'Gesetzer an d'groussherzoglech Reglementer am Kader vum Stroosseverkéier sinn all op franséisch, d.h. all Infraktioun am Stroosseverkéier ass op franséisch libelléiert. Doduerch gëtt och en AT (avis de taxe), eng Convocatioun oder ee Papillon a franséischer Sprooch geschriwwen. Am modifizéierte groussherzogleche Reglement vum 26. August 1993 ass de Modell vum AT, der Convocatioun asw. vum Legislatueur op franséisch festgehale ginn. D'Police hält sech un de gesetzleche Kader dee vum Legislatueur festgeluecht ginn ass.